LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth op d'parlamentaresch Fro n°1053 vum 23. Juli 2024 vun der éierbarer Deputéiert Diane Adehm**

D'Steierverwaltung plangt mëttelfristeg bis zu 500 Beamten anzestellen. Wann een d'Ofgäng an d'Pensioun mat arechent, wäert d'Verwaltung doduerch netto ëm ronn 200 Beamte, op ronn 1300 Persounen, wuessen.

D'Profiller, déi d'Steierverwaltung am Kader vun hirer Transformatioun, Modernisatioun an Digitalisatioun brauch, si breet gefächert. Dëst fänkt mat der Stäerkung vun de Ressources humaines un, fir d'Rekrutementer, d'Formatiounen an eng besser Gestioun vum Personal. Et ginn doriwwer raus och IT-Agenten, Data Science-Spezialisten, Steier-Experten, Auditeuren, TMO[1], BPM[2], Ekonomisten a Juristen, genee sou wéi och Kontrolleren a Gestionnairë gesicht.

D'Verwaltung wëll sech och weider moderniséiere fir kompetent a motivéiert Leit ze halen an och neier unzezéien, déi och Méiglechkeete, respektiv Perspektiven ugebuede kréie fir sech intern weiderzeentwéckelen. Den Employeur Branding, esou wéi och d'Kommunikatioun sollen aus deem Grond staark ausgebaut ginn, fir d'Attraktivitéit vun der Steierverwaltung souwuel no banne wéi och no baussen ze steigeren.

D'Digitalisatioun wäert dozou féieren, dass d'Prozesser méi effizient kënne gestallt, an de Service um Bierger verbessert ka ginn. Fir d'Ëmsetzung an d'Implementatioun dovunner wäerten nei Poste geschaf ginn, déi souwuel duerch nei Rekrutementer, wéi och duerch d'Mobilité interne kënne besat ginn.

Lëtzebuerg, den 22. August 2024

De Finanzminister
(s.) Gilles Roth

[1] Transformation Management Office, eng Equipe, déi d'Transformatioun koordinéiert.
[2] Business Process Management, eng Equipe, déi intern Prozesser dokumentéiert, als Virbereedung zu enger Vereinfachung/Digitaliséierung vun dëse Prozesser.